PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Mengen Informatiounen no gëtt a mindestens enger Maison Relais am Land d'Praxis ugewannt, dass Remplaçanten zu sougenannten "Null-Stonne-Kontrakter" agestallt ginn. Dat Besonnescht bei dëse Kontrakter ass, dass d'Mindestbeschäftegungsdauer bei null Stonne läit. Sou muss den Employé just aktiv ginn, falls den Employeur e Besoin artikuléiert. Dat féiert dozou, dass dës d'Remplaçanten nëmmen op d'Stonn remuneréiert ginn. Falls si also am Krankeschäi sinn oder an Quarantän/Isolatioun mussen, gi si also net bezuelt an de Patron cotiséiert och net weider fir si.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill esou "Null-Stonne-Kontrakter" ginn et am kommunale Sektor?
2. Ass d'Ministesch der Meenung, dass de legale Kader hei misst adaptéiert ginn?
3. Fënnt d'Ministesch et sozial gerecht d'Employéeë gläichzäiteg ze bannen, hinnen awer keng Garantie fir een feste Kontrakt an eng sozial Ofsécherung ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député